VETERAN & VINTAGE CAR CLUB OF LUXEMBOURG a.s.b.l.
B.P. 2025 · L-1020 LUXEMBOURG
www.vvccl.com • vvccl@pt.lu

Millebaach, den 5. Juni 2019

Léif Memberen,

Mär invitéieren ách häerzlechst un der 49. Editioun vun onsem Tour de Luxembourg deel ze huelen. Vum 5. bis den 7. Juli entféieren mär ách op e puer flott Strecken an der däitsch-lëtzebuergescher Grenzregioun. Onsen Point de Chute ass dëst Joer den Hotel Park Plaza zu Tréier.

De Programm:

Freides den 5. Juli

- ●16:00 Ouverture vum Büro; Empfang vun den Participanten am Hotel Park Plaza zu Tréier; an Pot de bienvenue
- ●17:30 Depart fir onsen éischten Tour duerch d´Muselgéigend mat Ziel Fell
- ●19:00 Owesiessen am Restaurant Zum Winzerkeller an dono gemeinsam Réckfaart op Tréier

Samschdes den 6. Juli

- ●08:30 Ouverture vum Büro; Empfang vun den Participanten am Hotel Park Plaza zu Tréier
- ●10:00 Départ vum éischten Auto
  Den Tour féiert ons a Richtung Lëtzebuerg mat Mëttegiessen am Restaurant Eurener Hof a Retour am spéiden Nomëtteg erëm zu Tréier
- ●19:00 Aperitif mat uschléissendem Dîner am Hotel Park Plaza

Sonndes den 7. Juli

- ●09:45 Rassemblement um Depart beim Hotel Park Plaza zuTréier
- ●10:00 Depart fir onsen leschten Tour zréck op Lëtzebuerg
- ●12:00 Apero mat uschléissendem Ofschlossiessen am Restaurant Steinmetz zu Bech

De Sonndesmenü:

Verrine d'été à la pastèque & brochette de fruits

Selle de veau ORLOFF Croquettes amandines Variation de primeurs	ou	Strudel de Cabillaud aux truffes sur miroir de Pastis Pommes grenailles Variation de primeurs

Vacherin glacé

Äre Choix musst där ons um Virement mat Orloff oder Cabillaud uginn

Falls där interesséiert sidd den Tour matzefueren fannt där d´Formalitéiten an d´Präisser um Umeldeformulaire deen als Annexe bäileit.

En plus läit d´Reglement vum Tour an den Abandon de Recours als Annexe bäi.

Fir äch unzemellen schéckt där ons w.e.g. den Umeldeformulaire an den Abandon de Recours ausgefëllt an ënnerschriwwen zeréck:

- mat der Post un **VVCCL B.P. 2025 L-1020 Luxembourg**

oder

- per Email op **vvccl@pt.lu**

Den Umeldetermäin ass den 30/06/2019.

Mär hunn am Hotel Park Plaza zu Tréier een Kontingent Zëmmer blockéiert. Ween vun äch zu Tréier iwwernuechten, an een Zëmmer reservéieren well fënnt um Umeldeformulaire eng entspriechend Rubrik. De VVCCL këmmert sech dann em d'Reservatioun. Bezuelt ginn d'Zëmmer op der Platz selwer. De Präis fir een Eenzelzëmmer ass 106 Euro pro Nuecht, een Duebelzëmmer kascht 140 Euro pro Nuecht.

Hotel Park Plaza
Nikolaus-Koch-Platz 1
54290 Trier
Telefon: +49 (0) 651 9993-0
Telefax: +49 (0) 651 9993-555
www.parkplaza-trier.de

Mat beschte Gréiss, am Numm vum Comité Claude Schwartz

Sekretär

Responsabel Organisatioun:	Alain Friser	+352 691 680 996
Sekretariat:	Schwartz Claude	+352 661 580 741
Roadbook :	Felten Jean-Paul	+352 621 218 222

www.zum-winzerkeller.de
www.eurener-hof.de
http://steinmetz.lu/